déi selwecht Rechter fir jiddwereen...
...och fir eis!

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2009

Un d'Verhandlungsdelegatioun
vun der LSAP

Héichgeéierte Präsident vun der Verhandlungsdelegatioun,
Dier Dammen,
Dier Hären,

Mier begléckwënschen Är Partei fir d'éischt emol fir hiren Erfolleg bei de Wale vum 7. Juni.

Mier wennen eis dës Kéier un Iech als Verhandlungspartner bei de Koalitiounsgespréicher am Kader vun der Neibildung vun der Regierung fir déi nächst Legislaturperiod.

„Och fir eis…!" ass eng kleng onofhängeg Initiativ déi sech dofir asetzt, datt gläichgeschlechtlech Koppelen déi selwecht Rechter kréie sollen, wéi heterosexuell Koppelen. Während eisen Ënnerschrëften-Aktiounen am vergaangene Joer hu mer esou méi wéi 1500 Ënnerschrëfte konnten zesummendroen. Mat Aktivitéiten ewéi enger Pressekonferenz, un där d'Me Christine Doerner deelgeholl huet, an der Organisatioun vum Gaymat-Festival hu mer op eis an eis Fuerderungen opmierksam gemeet. Wéi aus eiser Pressematdeelung vum 17. Mäerz ze liesen ass, läit eis hei ganz speziell d'Opmaache vum zivile Bestietnes fir gläichgeschlechtlech Koppelen um Häerz. Eng fest Liewensgemeinschaft huet fir eis méi verdéngt, wéi en einfache Contract („PACS").

An ärem Walprogramm „De roude Fuedem" schreift Dier am Punkt *G. Solidarität und Partizipation: Verantwortung teilen* op der Säit 86 dat heiten:

> *„Die Sozialisten sind darüber hinaus der Auffassung, dass sich der Begriff Familie nicht allein auf heterosexuelle Paare beschränken lässt. Deshalb werden die Sozialisten homosexuellen Paaren die gleichen Chancen eröffnen, Ehen abzuschließen und eine Familie zu gründen."*

Mier wollten Iech mat dësem Schreiwes dorun erënneren an Iech bieden, Iech fir dëse Punkt mat Nodrock anzesetzen. Mier giffen eis freeën, wann Dier dëse Punkt och op d'Lëscht vun den Theme bei de Koalitiounsverhandlunge kinnt setzen.

Laurent BOQUET
Koordinateur a Pressespriecher

www.och-fir-eis.org
info@och-fir-eis.org
c/o Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l., 60 rue des Romains, L-2444 Lëtzebuerg